N° 3888
Entrée le 08.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3888 vum 8. Abrëll 2026 vun der honorabeler Deputéierte Madamm Nathalie Morgenthaler.

*1) Gedenkt d'Madame Ministesch, eng präventiv a gratis Consultatioun am Kader vun der Menopause och zu Lëtzebuerg unzebidden?*

*2) Falls jo, a wéi engem Zäitraum sollt dës agefouert ginn?*

Wéi de Koalitiounsaccord et virgesäit, gëtt aktuell e Konzept fir eng méi generell präventiv Consultatioun ("Bilan de santé régulier") ausgeschafft. D'Zil vun dëser Consultatioun ass et Leit a verschiddenen Alterstranchë wärend hirem Liewen d'Méiglechkeet ze ginn, eng Consultatioun mat hirem Hausdokter ze hunn. Bei dëser Consultatioun kann sech Zäit geholl gi fir verschidden Themen, déi fir ee perséinlech relevant sinn, unzegoen, ouni den direkten Drock ze verspiere fir akut Symptomer ze traitéieren. An dësem Kader gëtt och ënnert anerem de Sujet vun der Menopause, wéi och aner Sujeten zur Gesondheet an dem Wuelbefanne vu Fraen an de relevanten Alterstranchen, abordéiert. E Pilotprojet, deen initial d'Alterstranchen 18-25 Joer a 45-50 Joer cibléiert, gëtt aktuell zesumme mam Cercle des médecins généralistes ausgeschafft a wäert viraussichtlech 2027 ulafen.

*3) Wéi eng präventiv Mesure fir d'Verbesserung vun der Gesondheet vun de Fraen ginn nach ugeduecht?*

Am Kader vun der Präventioun an der Promotioun vun der Fraegesondheet organiséiert de Ministère fir Gesondheet a sozial Séchert am Joer 2026 eng éischt Editioun vun der „Semaine de la Santé de la Femme".

Dës Initiativ fënnt vum 1. bis de 7. Juni 2026 statt. D'Zil ass et d'Visibilitéit vun der Fraegesondheet ze stäerken an d'Bewosstsi fir relevant Themen ze erhéijen. Am Laf vun där Woch ginn eng ronn drësseg Evenementer an Zesummenaarbecht mat Associatiounen, Gesondheetsberuffer an ëffentlechen Acteuren organiséiert. Dës Initiativen ëmfaassen ënner anerem Konferenzen, Atelieren an Informatiouns- a Sensibiliséierungsaktiounen, déi sech un de Grand Public riichten. Parallel dozou organiséiert d'Gesondheetsdirektioun och gezielt Evenementer fir Gesondheetsberuffer.

Fir en Iwwerbléck iwwer déi verschidden Aktivitéiten ze garantéieren, gëtt e Kalenner publizéiert. Zousätzlech gëtt eng Sensibiliséierungscampagne ëmgesat, déi op verschiddene Kanäl diffuséiert gëtt an och vun Ambassadrice gedroe gëtt.

Dës Initiativ dréit dozou bäi, präventiv Themen an der Fraegesondheet méi an de Vierdergrond ze stellen an d'Informatioun vun der Allgemengbevëlkerung, besonnesch vun de Fraen, ze stäerken.

Lëtzebuerg, den 8. Mee 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez